



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service central de Législation
5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg

Luxembourg, le 18 mai 2021

Réf. : 838x4eee0

Concerne: Question parlementaire n° 4095 du 16 avril 2021 de Madame la Députée Carole Hartmann

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse commune de Monsieur le Ministre de la Sécurité sociale et de la soussignée à la question parlementaire n° 4095 du 16 avril 2021 de Madame la Députée Carole Hartmann concernant la "Dépression périnatale".

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Pour la Ministre de la Santé,

Laurent JOMÉ
Premier Conseiller de Gouvernement



Réponse commune de Madame la Ministre de la Santé et de Monsieur le Ministre de la Sécurité sociale à la question parlementaire n° 4095 du 16 avril 2021 de Madame la Députée Carole Hartmann concernant la "Dépression périnatale".

Weder de Gesondheetsministère nach d' Direction de la santé oder d' Inspektioun vun der sozialer Sécherheet hunn Statistiken iwwert d' post-natal Depressiounen zu Lëtzebuerg. Zwar gëtt et an der internationaler Klassifikatioun vun den Diagnostiken (ICD) ee Code, den F53: « *Mental and behavioral disorders associated with the puerperium, not elsewhere classified* », deen der post-nataler Depressioun gewidmet ass, allerdéngs ass de Projet vun der « *Documentation et classification des séjours hospitaliers* » (DCSH) nach net weit genuch avancéiert fir dëse Code kënnen pertinent ze notzen. Am Secteur extrahospitalier ginn Diagnosen net codéiert. Et ass an dësem Kontext och net méiglech mat den administrative Facturations-Daten vun der Gesondheetskeess, dës Fäll vu post-nataler Depressioun ze isoléieren an ze zielen.

Aus internationale Publikatiounen wësse mir awer dass dës Komplikatioun vun der Gebuert bei bis zu 20% vun de Fraen optrëtt. Et ass domat déi heefegst Komplikatioun vun der Gebuert a ka potentiell déi ganz Famill betreffen, well se en Impakt kann hunn op d' Liewe vun der Koppel, op d' Beruffs- a Sozialliewe vun der Mamm, esou wéi op d' Interaktiounen tëscht dem Neigebuerenen an der Mamm, wat an eenzele Fäll esouguer zu engem Desengagement oder Rejet vum Kand ka féieren. Ganz oft sinn d' Symptomer awer just wéineg prononcéiert a fir eng kuerz Zäit present a verschwanne relativ schnell. Geleentlech brauchen d' Fraen awer och en professionell Hëllef.

D' Risikofacturen fir d' post-natal Depressioun schéngen deelweis mat deene vun der genereller Depressioun iwwerteneen ze stëmmen, mee et ginn och spezifesch Facturen, wéi zum Beispill eng manner héich sozioekonomesch Situatioun, Stress a Komplikatiounen während der Schwangerschaft oder der Gebuert, Konflikter an der Famill oder mam Liewenspartner, unerwünschter Schwangerschaft, etc.

D' Thema post-natal Depressioun gëtt an de Preparatiounskuren op d' Gebuert ugeschwat, an och vun de Professionellen déi d' Gebuert begleeden: Hiefammen, Dokterinnen, anert Gesondheetspersonal, an och vun enger Rei Associatiounen déi sech ëm d' Gebuert an déi Neigebueren këmmen.

Falls néideg kënnen déi betraffe Persounen natierlech op d' Hëllef vu Prestatairen aus dem Gesondheetssecteur zréckgräifen. Et kann och sinn dat et néideg ass, dat Mamm Medikamenter verschriwwen kritt géint hier Depressioun. D'Prise en Charge vun der Krankeversécherung ass do selwecht wéi fir aner Pathologien och, dat heescht esou wéi de Code vun der sozialer Sécherheet, d'Nomenclaturen, d'Konventiounen an d'Statuten vun der Gesondheetskeess et virgesinn.

Genau wéi fir d' Mammen hu mir fir d' Pappen och keng Statistiken. Eng rezent Etude iwwert d' postnatal Depressioun beim Papp aus Amerika weist awer drop hin dass dës Problem reell ass an dass d' Risikofacturen do eng Virgeschicht vun Depressioun, Problemer an der Koppel, finanziell a sozial Problemer, souwéi ee manner héijen edukativen Niveau sinn.